PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/10/2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
21 OCT. 2019
1363

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Viru Kuerzem huet de Minister fir Mobilitéit d'Aktualiséierunge vun der Mobilitéits-App virgestallt. Duerch technesch Neierunge kennen d'Passagéier elo an Echtzeit gesinn, wann hire Bus ze spéit ass. Allerdéngs ass eis zougedroe ginn, dass d'Moderniséierung vun der Mobilitéits-App beim Schinnentransport Problemer huet. Op Nofro beim Verkéiersverbond gëtt een informéiert, dass d'Donnéeën zu den Zich, déi op der CFL-Website stinn, net an Echtzeit mat den Donnéeë vum Verkéiersverbond synchroniséiert ginn. Esou kann et sinn, dass een op der CFL-Website d'Horairë vun den Zich éischter ugewise kritt wéi beim Verkéiersverbond.

Souwuel der Verkéiersverbond wéi och d'CFL sinn Organisatiounen, an deenen de Mobilitéitsministère duerch säin Afloss an de Verwaltungsréit strategesch Decisioune beaflosse kann.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet de Minister Kenntnis vun dësem Problem? Falls jo, wéi ass et ze erklären, dass dëse Problem, Stand 2019, nach existéiert?

2. Bis wéini mengt de Minister, dass d'Donnéeën vun der CFL-Website zäitgläich an der App vum Verkéiersverbond ugewise kéinte ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 13 novembre 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
13 NOV. 2019

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°1363 du 18 octobre 2019 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant l'application mobile de la centrale de la mobilité, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op déi parlamentaresch Fro n°1363 vum 18. Oktober 2019 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen

Den honorabelen Deputéierte Marc Goergen freet a senger parlamentarescher Fro weider Informatiounen zur Akualiséierunge vun der Mobilitéits-App spezifesch zum Volet Schinnentransport.

D'Mobilitéits-App vum Verkéiersverbond beinhalt d'Echtzäit vun de Bussen (RGTR, TICE, CFL-Bus) zanter 2016, d'Echtzäit vun de CFL-Zich zanter 2017, an d'Echtzäit vu Luxtram zanter där hirem Lancement d.h. Dezember 2017.

Et ass en Ënnerscheed ze maachen tëschent der Echtzäit vun de Verkéieren an den textlechen Informatiounen zu geplangtene Perturbatiounen.

D'Echtzäit vun de Verkéieren gëtt vollautomatesch vun all de Systemer weidergeleet an traitéiert. Konkret ass ënner Echtzäit eng eventuell Verspéidung vun de Fahrten ze verstoen. Doriwwer eraus ginn awer och zousätzlech verkéierlech Informatiounen automatiséiert traitéiert. Fir Bus an Zuch d'Annulatioun vun enger Fahrt oder zousätzlech Fahrten, souwéi fir de Bus d'Déviatiounen vu Fahrten.

Textlech Informatiounen zu geplangtene Perturbatioune vun alle Réseaue sinn haaptsächlech am Kontext vu Chantieren oder Manifestatiounen ze gesinn. Dëst si präzis Informatiounen iwwert Ofwäichunge vum Fuerplang, déplacéieren oder suppriméiere vun Arrêten, an awer och individuell Warnhiweiser. Dës Informatioune kritt d'Mobilitéitszentral vun de jeeweilegen Operateure vu Bus, Zuch an Tram per Avis zougeschéckt, a ginn dann vun de Mataarbechter vun der Mobilitéitszentral analyséiert, an an eng Clientsfrëndlech Form bruecht. Dësen Exercice ass aus verständleche Grënn net automatiséiert virstellbar.